ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

REÇU
Par Magda Santos , 11:28, 29/03/2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2022

Här President,

mat dësem Schreiwes wéit ech eng Interpellatioun no Artikel 88 vun eisem Chambersreglement ufroen.

Dës Interpellatioun huet den Titel: "**Krim, Donbass, Ukrain – an elo? Wéi eng Zukunft fir déi europäesch Sécherheet?"** Et geet haaptsächlech ëm dës Froen:

- eist zukünftegt politescht Verhältnis zu Russland an der Ukrain
- eis Plaz an der NATO an an der europäescher Sécherheetspolitik: Implicatiounen fir d'Arméi
- eis ekonomesch an energiepolitesch Interessien am Kontext vun den Entwécklungen an Osteuropa

D'Iddi ass fir en eng éischt politesch Analys iwwer déi mëttel- a laangfristeg Konsequenzen vum Krich an der Ukrain ze maachen.

Concernéiert wären déi Häre Staats-, Baussen-, Verdeedegungs-, Wirtschafts- an Energieminister.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten